

# Exposé iwwert eng Visitt

1. Kuckt d'Lëscht a sicht Iech e Musée oder en Tour eraus, deen Iech interesséiert. Maacht eng Visitt a sammelt Informatiounen iwwert d'Geschicht vu Lëtzebuerg, fir datt Dir e kleng Virtrag doriwwer preparéiere kënnt.

An der Stad:

- Nationalmusée fir Geschicht a Konscht ([www.mnha.lu](http://www.mnha.lu))
- Lëtzebuerg City Museum ([www.citymuseum.lu](http://www.citymuseum.lu))
- Musée Dräi Eechelen ([www.m3e.public.lu](http://www.m3e.public.lu))
- D'Péitrus-Kasematten  
(<https://www.visitluxembourg.com/fr/adresse/castle/casemates-de-la-petrusse>)
- D'Bock-Kasematten  
(<https://www.visitluxembourg.com/fr/adresse/castle/casemates-du-bock>)
- Vauban-Trëppeltour  
(<https://www.visitluxembourg.com/fr/adresse/walking/circuit-pedestre-vauban-luxembourg>)
- Wenzel-Trëppeltour  
(<https://www.visitluxembourg.com/fr/adresse/walking/circuit-pedestre-wenzel-luxembourg>)

Am Norden:

- Nationale Musée fir Militärgeschicht zu Dikrech ([www.mnhm.net](http://www.mnhm.net))
- Musée vun der Ardennenoffensiv zu Clief  
(<https://www.clervaux.lu/fr/musee-de-la-bataille-des-ardennes-1.html>)
- Den General Patton Memorial Museum zu Ettelbréck ([www.patton.lu](http://www.patton.lu))

Am Süden:

- Nationale Minnemusée zu Rëmeleng  
(<https://www.visitluxembourg.com/fr/adresse/museum/musee-mines-rumelange>)
- De Minett-Park am Fond de Gras ([www.minettpark.lu](http://www.minettpark.lu))
- Eng Visite guidée mam Vëlo um Belval „De Minettsbaseng: vun der Vergaangenheet bis an d'Zukunft“ (<https://www.fonds-belval.lu/index.php>)

2. Preparéiert Ären Exposé fir d'éischt schrëftlech. Orientéiert Iech dofir um Opbau an un de Riedmëttelen hei drënner. Presentéiert Ären Exposé duerno an der Klass.

<b>Titel</b>	Eng Visitt am ...
Wielt e passenden Titel.	En Tour duerch ...
<b>Aleedung</b>	Mat mengem kuerzen Exposé géif ech Iech gär ... virstellen.
Erkläert an der Aleedung, wat Dir besicht hutt.	Deen ass ... Momentan gëtt et do eng Ausstellung zum Thema ... Oder: Do fënnt een eng permanent Ausstellung iwwer ... Ech sinn dohinner gaangen, well ...
<b>Generell Beschreibung vun der Visitt</b>	Ech hunn eng Visite guidée matgemaach, well ...
Gitt virun allem praktesch Informatiounen zur Visitt.	Dee guidéierten Tour huet ... gedauert a war op ... Den Tour war vun ... organiséiert. Oder: Ech hunn d'Visitt op eege Fauscht gemaach, well ... Fir méi Informatiounen ze kréien, kann een en Audioguide lounen / eng Broschür kafen / eng App eroflueden ... D'Entrée / D'Visite guidée / Den Audioguide kascht ... Generell huet d'Visitt mer ... gefall, well ...
<b>Detailléiert Beschreibung vun der Visitt</b>	Wat mer ganz speziell gefall huet, war ... (e Sall, en Objet, eng Plaz)
Beschreift e puer Aspekter am Detail.	Do kann een ... gesinn. Do kritt een ... erkläert. Et gëtt e Lien mat der Lëtzebuurger Geschicht, an zwar ... Dat fannen ech interessant, well ...
<b>Schluss</b>	Zum Schluss wëll ech soen, datt ...
	Merci fir Är Opmierksamkeet. Hutt Dir nach Froen?